N°1690
Entrée le 19.12.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 19.12.2024
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 19/12/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Wirtschaft & Bildung, Kanner a Jugend weiderzeleeden.**

D'Regierung huet decidéiert, dass d'Geschäfter an Zukunft méi laang hir Diere kënnen opmaachen. Dëst bréngt mat sech, dass vill Beschäftegt wäerten aner Aarbechtsstonne kréien, wat een Challenge ass fir d'Familljen- an d'Beruffsliewen op eng Linn ze kréien. Déi meescht Crèchen a Maison Relaisen hunn awer aktuell just tëschent 5h00 an 19h00 op.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wäert d'Regierung higoen an dofir suergen, dass d'Maison relaisen, d'Crèchen an Assistants parentaux och Sonndes mussen opmaachen?

2. Wat ass geplangt, fir d'Konditiounen beim Chèques Service d'Acceuil z'änneren fir den neien Ëffnungszäiten am Commerce Rechnung ze droen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten